

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16. September 2015

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Den 10. September huet d'UNO-Vollversammlung eng Resolutioun ugeholl, déi et erlaabt, datt d'Fändele vun Observateuren, wéi zum Beispill dem Hellege Stull a "Palästina", gläichberechtegt niewent deene vun den UNO-Memberstate kënnen opgezu ginn. D'Resolutioun gouf mat 119 Stëmme géint 8 bei 45 Abstentiounen ugeholl.

An dem Kontext wéilt ech dës Froen un den Här Bausseminister stellen:

1. Wéi hunn d'Memberstate vun der EU gestëmmt? Huet d'Lëtzebuenger Présidence probéiert, en 3-way-split oder en 2-way-split ze verhënneren?
2. Wéi huet Lëtzebuerg gestëmmt a wéi eng Argumenter huet Lëtzebuerg bei der Bestëmmung vu senger Positioun als besonnesch wichteg consideréiert?
3. Huet Lëtzebuerg zu dem Thema national oder als Présidence d'Wuert ergraff a, wa jo, wat huet de Lëtzebuenger Vertrieder gesot?

Mat déiwem Respekt,


Fernand Kartheiser
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre

Luxembourg, le 26 octobre 2015



Le Ministre des Affaires étrangères et européennes
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Je vous prie de bien vouloir trouver en annexe la réponse du Ministre des Affaires étrangères et européennes à la question parlementaire no 1444 posée par l'honorable Député Monsieur Fernand Kartheiser.


Jean Asselborn

Réponse de Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes à la question parlementaire n° 1444 posée par l'honorable Député Monsieur Fernand Kartheiser

1. Wéi hunn d'Memberstaate vun der EU gestëmmt? Huet d'Lëtzebuenger Présidence probéiert, en 3-way-split oder en 2-way-split ze verhënneren?

Während 18 Memberstaate vun der EU sech beim Vote vun der Resolutioun enthalen hunn, hunn 10 Memberstate fir dës Resolutioun gestëmmt. Obwuel d'Roll vun der Présidence an der Aussepolitik zënter dem Traité vu Lissabon méi limitéiert ass, huet Lëtzebuerg och mat anere probéiert, virum Vote eng gemeinsam EU Positioun erbäizeféieren. Et huet sech am Virfeld vum Vote awer leider erausgestallt, datt eng gemeinsam EU Positioun net realisabel war.

2. Wéi huet Lëtzebuerg gestëmmt a wéi eng Argumenter huet Lëtzebuerg bei der Bestëmmung vu senger Positioun als besonnesch wichteg considéiert?

Lëtzebuerg huet den 10. September an der UNO-Vollversammlung fir dës Resolutioun gestëmmt.

Lëtzebuerg huet seng Décisioun en faveur vun der Resolutioun an der Kontinuitéit vu sengem Vote vun November 2012 fir den Observateur Status vu Palästina gesinn. Et ass dobäi ze betounen, datt et um juristesche Plang keng Argumenter ginn, fir deene Staaten, déi den Observateur-Status bei der UNO hunn, d'Recht ze verwieren, hire Fändel niewent deene vun UNO-Memberstaaten opzezéien.

3. Huet Lëtzebuerg zu dem Thema national oder als Présidence d'Wuert ergraff a, wa jo, wat huet de Lëtzebuenger Verrieder gesot?

Lëtzebuerg huet mat sengem Vote eng kloer Positioun vertrueden an d'Fro vun enger Déclaratioun huet sech dofir net gestallt.